N°313
Entrée le 10.02.2026
Chambre des Députés

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 10te Februar 2025 wéilt ech dem Minister fir den Interieur eng mëndlech Fro stellen.

Eng Famill zu Kayl huet nëmme per Zoufall – a dat no engem Mount – erausfonnt, dass hiert Kand, dat ënner Allergie leit an e PAI huet, an der Maison relais näischt méi z'iesse kritt. Grond: den neie Liewensmëttelfournisseur ka keen allergiefräit Iessen ubidden.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- No wéi enge Krittären dierf eng Gemeng bei der Ausschreiwung de Fournisseur fir eng Maison relais auswielen – a gëtt d'Fäegkeet, Kanner mat Allergie oder bestoende PAIen ze versuergen, explizit als Zouloossungsbedingung fir eng Ausschreiwung gepréift?
- Wéi gëtt de Suivi vun de PAIen sécherstellt, wann en neie Prestataire iwwerhëlt? Wien ass responsabel dofir, dass keng Versuergungslück entsteet, a wéi ginn d'Elteren onmëttelbar an offiziell informéiert, wann sech eppes ännert?
- Dëse Fall dierft keen Eenzelfall sinn. Wéi gëtt séchergestallt, dass bei all Ausschreiwung all Besoine berécksiichtegt ginn a baséierend op wéi enger legaler Basis dierf eng Gemeng de Fournisseur kontrolléiere fir sécher ze stellen, dass kee Kand am Land wéinst senge Gesondheetsbesoinen an enger Maison relais diskriminéiert oder einfach ouni Iesse gelooss gëtt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten